



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°6665 vum 17. August 2022 vun den Hären Deputéierten Claude Lamberty a Max Hahn**

Wéi vill Nouttelefone ginn et aktuell op de Lëtzebuerger Stroossen?

Aktuell ginn et 245 Nouttelefonen um Lëtzebuerger Autobunnsreseau.

A wat fir enger Frequenz ginn dës Borne kontrolléiert?

Eemol pro Joer gëtt en Entretien op den 245 Borne gemaach. Wann an der Zäit tëscht den Entretien eng Born e Problem huet, gëtt dat automatesch beim CITA gemellt an de Problem am Uschloss behuewen.

Wat waren d'Käschte vum Ënnerhalt pro Joer säit der Aféierung vun de neie Modeller 2015?

D'Käschte fir den Entretien vun den 245 Borne belafe sech op ronn 10.000 Euro pro Joer. Ze bemerken ass, datt d'Borne mat Solarzellen equipéiert sinn an deementspreechend autark funktionéieren, also keen zousätzlechen Uschloss un de Stroumreseau erfuerderlech ass.

Wéi vill Appeller sinn iwwer déi lescht 15 Joer pro Joer iwwer dës Nouttelefone getätegt ginn?  
Wat waren an dëse Fäll d'Haaptgrënn firwat ugeruff ginn ass?

De CGDIS verfüügt eréischt säit der Aféierung vum Einsatzleitsystem («ELS») 2016 iwwer Donnéeën vun den Appeller, déi iwwer d'Nouttelefonen op den 112 erakommen. Virun 2016 sinn dës Appeller iwwer e Programm vum CITA transitéiert, soudatt déi gewënschte Statistik aus dëse Jore net virläit.

Säit 2016 sinn 1.382 Appeller enregistréiert ginn:

- 2016: 150
- 2017: 169
- 2018: 217
- 2019: 223
- 2020: 209
- 2021: 224
- 2022: 190 (bis de 7. September)

Et stellt ee fest, datt dës Appeller, déi zum Beispill 2021 ronn 0,6% vun allen Noutriff ausgemaach hunn, iwwer déi lescht 5 Joer konstant bliwwen sinn.

Déi grouss Majoritéit vun den Uriff op den 112, déi vun enger Born aus gemaach gi sinn, ware Meldunge vun enger Pann. Am Joer 2021 goufen zum Beispill 6 Accidenter, 3 Bränn an 2 medezinesch Urgencen iwwer eng Born gemellt. 213 mol gouf eng Pann gemellt, oder et huet sech ëm en Test oder en techneschen Defekt gehandelt. D'Pannmeldunge leet den 112 un de CITA weider.

Ginn et Pläng zu Lëtzebuerg de Reseau vun dëse Borne weider auszebauen oder ze moderniséieren?

D'Borne sinn um leschte Stand vun der Technik a brauchen net moderniséiert ze ginn.

De Reseau vun de Borne gëtt am Kader vun Neibauprojeten op den Autobunnen, wéi zum Beispill beim Projet "Liaison Micheville - Contournement de Raemerich", ausgebaut. Op dësem Segment sinn zum Beispill 4 nei Borne geplangt.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch